KÄERCHER LEIT

**PERIOD** Abrëll - Juni

# VISITE D'UNE FAMILLE D'ARGENTINE

FR

Jeudi 04 avril plusieurs membres de la famille Kesseler venant d'Argentine ont visité Koerich pour découvrir le village d'où sont partis leurs aïeux au 19e siècle.

Leur aïeul Baptiste est né à Koerich en 1845, rue de la Montagne et il s'est marié des années plus tard avec Marie Seyler, dont les ancêtres sont également nés à Koerich « op der Schro ». Ce couple a eu plusieurs enfants nés en France (Bury) et en Belgique (Fouches). En 1877 la famille part vers l'Argentine (Villa Urquiza, Villaguay) où sont nés les 3 derniers enfants de ce couple. Leurs nombreux descendants vivent toujours en Argentine.

Leur arrière-petit-fils Daniel Kesseler, accompagné de son fils, de ses filles et de ses petits-enfants était très ému en visitant la terre de ses ancêtres koerichois. Baptiste Kesseler avait des frères et sœurs qui sont restés en Belgique et dont les descendants étaient également présents à cette réunion et fiers de rencontrer leurs cousins argentins.

L'échevin M. Welu, au nom de la commune de Koerich, a souhaité la bienvenue à la famille et a remis des cadeaux aux adultes et enfants. Mes recherches sur l'émigration furent légèrement complétées par Fernand Toussaint, président de l'Association Quo vadis Käerch.





Jeff Nothum
Georgette Schmit
Käerch

KÄERCHER LEIT

**PERIOD** Abräll-Juni

# BESUCH AUS AMERIKA

LU

Méindes de 24. Juni 2024 krute Käerch a Giewel Besuch aus Amerika an der Persoun vun enger Nokommen vun enger Auswandererfamill vu Giewel aus der Mëtt vum 19. Joerhonnert. D'Starla SHOLL a hir Fra d'Debby BURKHART wollten am Kader vun hirer Lëtzebuerg Rees entdecken, vu wou aus hir Virfaren mam Numm **LECHER** ausgewandert sinn.

Dee klenge Grupp huet sech fir d'éischt eis wonnerschéin Barockkierch mam Kierfent ronderëm ugekuckt. D'Marie-Paule GLEIS huet hinnen Erklärunge ginn zur Kierch a wierklech beandrockt wor de Besuch vum Altor, dien aus Holz gemaach ginn ass a net aus Marmer, wéi si gemengt haten. Duerno hunn si och dierften hannert den Altor luusse goen, wou nach méi detailléiert Froe gestallt goufen. Begeeschtert waren si och vum Dafsteen, wou hir Virfaren dra gedeeft gi waren.

Nomëttes kruten si dunn hiert Virfarenhaus zu Giewel gewisen. **Si ware voll begeeschtert, datt d'Haus vum Ur-Ur-Urgrouspapp LECHER nach besteet**. Dien heitege Proprietär huet sech et och net huele gelooss fir d'Gäscht aus Amerika duerch d'Haus ze féieren. Dofir him e ganz grousse MERCI! Ganz vill Wäert gouf bei der Restauréierung op di historesch Bausubstanz geluet.

Et handelt sech ëm d'Haus "a Schiilz" 3, chemin de la Chapelle, Kaleschlach genannt, zu Giewel. Vun hei aus sinn de Michel LECHER a séng Fra Anna RIES mat hire 7 Kanner op Belgium, Wisconsin, ausgewandert. De 4. Mäerz 1852 verkafe si hiert Haus „a Schiilz" a schonns e puer Méint méi spéit, de 15.07.1852 koum d'Famill zu New York un, laut de recherche vum Starla an Debby. De Michel LECHER war de Jong vun der Koppel Jean-Michel LAECHER - Suzanne GOERENS an d'Anna RIES war 1803 zu Käerch gebuer an zwar am Haus „a Risen" an der Buedefäeltgen. D'Starla an d'Debby kruten och déi aner Haiser gewisen, wou déi verschidde LECHER-Kopple gewunnt hunn a vu wou och verschiddener iwwert de Pull gereest si fir hirt Glëck doiwwer ze sichen.

D'Claudine KEMP-CLOOS hat eise Gäscht frëndlecherweis d'Kapell zu Giewel opgemeet, esou datt si sech och d'Kapell vu banne bewonnere konnten.

Begleet ware si vum Viviane HEINEN, déi als Chauffeur engagéiert war, fir "eis" Amerikanerinnen de ganzen Dag um Family-Day iwwer ze begleeden am Kader vum Kevin WESTER senge „Luxembourg Adventure Tours".



Virum Daafsten



Hannert dem Altor



Schiilzhaus zu Giewel



Debby BURKHART, Patrick REISCHL a Starla SHOLL virum Schiilzhaus zu Giewel

**ORGANISATIOUN**

Biergerinitiativ Quo vadis Käerch

Jeff Nothum

Georgette Schmit

Käerch